N°4266
Entrée le 19.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De 4te Juni huet d'Ministesch an der Sitzung vun der Kommissioun fir Mobilitéit bestätegt, datt d'Planung vum Schnelltram geännert gëtt: den Arrêt gëtt net op d'Säit vu Steebrécken (Pontpierre) gebaut, mee soll op d'Säit vu Wickreng bei de Projet vum GridX gesat ginn.

Déi offiziell Pläng vun 2024, wou virdrun nach iwwerhaapt keng Haltestell zu Steebrécken/Wickreng virgesi war, weisen eng Gesamtreeszäit vun 31 Minutten op der 18 Kilometer laanger Streck. Déi nei Variant vun 2026 mam Arrêt GridX weist eng Gesamtreesezäit vun 33 Minutten a 40 Sekonnen un, also eng Differenz vu méi wéi 2 Minutte pro Tram. Op der Deelstreck vun 10 Kilometer geet d'Reeszäit vun 9 Minutten an 30 Sekonnen op 11 Minutten a 40 Sekonnen, also och erëm 2 Minutten méi Zäitverloscht pro Tram.

Den Aussoe vum CEO vu LuxTram no géif den Zäitverloscht op der Streck awer nëmmen 1 Minutt bedroen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wéi vill zousätzlech Reeszäit entsteet duerch d'Ännerung vun der Haltestell beim GridX op der Streck Belval - Stadion am Verglach zu den Zuelen, déi am Joer 2024 präsentéiert goufen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés